



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Tëscht 2016 an 2020 gouf bei amerikaneschen Diplomaten an anere Regierungsbeamten ee Krankheitsbild festgestallt, wat d'Dokteren net kloer anuerdne konnten. No engem Drockgefill am Kapp hunn d'Beamten ë.a. Schwindel, Iwwelkeet a Schied um Gehier erlieft. Den éischte bekannte Fall gouf 2016 zu Havanna festgestallt, méttlerweil ginn d'Autoritéite vun 130 méigleche betreffenen amerikanesche Beamten a ville verschiddene Länner aus. Et ass net kloer wien oder wat responsabel ass, fir dës "anomalous health incidents". Russland gëtt vun Amerika als méigleche Schëllege genannt. Amerikanesch Fuerscher solle laut New York Times am gaange sinn, un engem Apparat ze schaffen, deen den "Havana Syndrom" kéint ausléisen. Den 8 Oktober huet de President Biden den HAVANA-Act ënnerschriwwen, ee Gesetz wat d'amerikanesch Beamten am Fall vun neurologeschen Attacke soll besser finanziell ofsécheren. Am *Havana Syndrome Attacks Response Act* gi méiglech Sanktioune géint Persounen an och Länner festgehalten, wann eng Schold géng festgestallt ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dëse Sujet bei Gespréicher tëscht dem Minister a sengen Homologen opkomm?
2. Wéi positionéiert Lëtzebuerg sech par Rapport zu dëse Virfäll?
3. Gesäit de Minister d'Gefor, dass sech "*anomalous health incidents*" och kéinten op héisch Beamten an Diplomaten aus EU-Länner auswäiten?
4. Huet d'USA schonn seng NATO-Partnerlänner ëm Hëllef gefrot?
5. Wéi d'New York Times an engem Artikel vum 24ten Mee 2021 schreift:

"U.S. national-security agencies have a program under way to develop effective countermeasures. They are currently looking into what it might take to build a device that can cause brain injuries similar to those which



www.piraten.lu

have been observed in Havana Syndrome patients. As part of that effort, scientists at a military laboratory are planning on exposing primates to pulsed microwave radiation and then studying their brains."

Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg par Rapport zur Entwécklung vun enger Maschinn, déi soll kënne Schied um Gehier erviruffen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

